piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/11/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Rezent hunn ech observéiert, wéi eng Fra mat engem komplette Schleier an engem Auto a menger Gemeng gefuer ass.

Beim Autofuere stellt sech d'Fro, a wéi engem Mooss eng Persoun hiert Gesiicht verdecken däerf. Eng Verdeckung, bei där beispillsweis just nach d'Ae siichtbar sinn, kann d'Identifizéierung vum Chauffeur bei Police- a Radarkontrollen erschwéieren. Och muss garantéiert sinn, dass d'Gesiichtsfeld vum Chauffeur net ageschränkt gëtt.

D'Reliounsfräiheet ass e wichtegt Grondrecht, dat an eiser Gesellschaft respektéiert muss ginn. Et muss een awer proportional bleiwen: d'Sécherheet am Stroosseverkéier an de Fakt, dass d'Gesiicht muss erkennbar bleiwen si Grondprinzippien an eiser Gesellschaft.

D'Verschleierung am ëffentleche Raum dierft also onofhängeg vu reliéisen oder anere perséinlechen Iwwerzeegungen net erlaabt sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng gesetzlech Reegele gëllen zu Lëtzebuerg fir d'Verdeckë vum Gesiicht beim Autofueren?
   Ass et engem/r Chauffeur:in erlaabt, säin/hiert Gesiicht esou ze verdecken, dass just nach d'Ae siichtbar sinn?

2. Wéi gëtt bei (automatesche) Radarkontrollen, notamment wann ee Chauffeur geblëtzt gëtt, séchergestallt, dass d'Persoun um Steier identifizéiert ka ginn, wann hiert Gesiicht gréisstendeels verdeckt ass?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi eng Strofen existéieren, wann eng Persoun verschleiert oder mat enger Mask (eventuell elo fir Halloween) mam Auto fiehrt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés